

Allocution

Léif Memberen vun Amitié Am Sand Amizero asbl
Léif Giedelen a Pätteren vu Kanner aus der Schoul Amizero
Dier Dammen an dir Hären aus dem Scheffen- a Gemengeroot vun der Gemeng
Nidderaanwen, a Verrieder vun de verschiddenen Kommissiounen,

Léif Memberen vun der Association des Parents d'élèves a léif Eltereverrieder,

Am Numm vun eiser ONG Amitié Am Sand Amizero begréissen ech iech ganz
härzlech op eiser AG 2016.

(...)

Ifuni ibagara ubucuti ni akarenge

la houe qui sarcle l'amitié, ce sont les petits pieds

Nach kee Joer ass et hier datt mir iech an eiser läschter Assemblée Générale konnte matdeelen, datt de MAE eis den Agrément zougestaanen huet, an datt mir eis Aktiounen esou op aaner Schoulen a Partner wéilten ausweiden. Gläich drop hu mir dun och e Projet un de MAE ergereescht, fir den Agrément ze kréien a mir sin houfreg, well et deen éischte Projet ass, dee mir an eisem Numm accordéiert kruuten. Doriwwer awer méi dono am Rapport d'activités...

Och 2015 si mir nees an de Rwanda gereest, fir eis Partner ze besichen an zesumme mat hinnen d'Projet'en z'evaluieren an auszeweiden. Et gët vu Joer zu Joer méi intensiv, schéngt et eis, eis Kontakter vermeeren sech an et ass beräicherend ze gesinn, wéi di Projeten, déi mat engem Grapp voll Zillen ugefaangen hunn, elo gewuess sinn an eng Eegendynamik entweckelen.

Eisen éischte cofinanzéierte Projet am Centre scolaire Amizero ass a séngem läschte Joer ukomm, a fir eis ass ët elo interessant ze gesinn, wat aus deenen Initiativen entstoen a wousse wärt, déi mir während 5 Joer begleet hunn. Mir zéien eis lues a lues zeréck, ouni eis Partner komplett ze vergiessen, dohier wëlle mir och spéider an der Versammlung iwwert e Fonds de solidarité schwätzen.

Dëst Joer hu mir nees alle Schüler aus dem Centre scolaire Amizero als Cadeau de Noël e Pullover kënnen schenken. Wéi mir dunn an engem 5. Schouljoer dës Cadoe verdeelt hunn, huet e Kand mir heemlech e klengen zerknuggelten Ziedel an de Grapp gedreckt a schein d'Aae eweschgedréint. Wéi ech den Ziedel

opgefaalt hunn, ech hu probéiert et genausou sou onopfälleg ze maachen, wéi d’Kand virdrunn, hunn ech dëst gesinn:...

Dir kënt iech denken, datt et net einfach ass, d’Gefiller ze beschreiwen, déi mech an deem Moment iwberwältegt hunn... Wéi laang hat dat Kand iwberluecht, ier et géng dësen Ziedelche schreiwen? Wéi laang haat hat e schons an der Täschen an huet drop gewaart, fir eis en ze ginn? Wat huet dëst Kand dozou beweegt, eis desen Ziedel wëllen ze ginn?

Déi „Merci’en“ um Ziedel gëlle net mir, mee jidderengem, deen eis gehollef huet, dës Projeten weiderzeféieren, a wéi huet et mëch beréiert, datt dëst Kand, mir dësse Message op séng douce a schei Art a Weis matgedeelt huet...

An awer muss ech zouginn, datt ech net nëmmen agreabel beréiert war. Dësse Message huet mëch zudéiwst getraff, an ech konnt am Ufank net richtig verstoe, virwat. Schließlech gouf mir bewosst, datt ech eigentlech revoltéiert iwwert dës Ongerechtegkeet war, a nach ëmmer sinn. Wisou muss dëst Kand, wéi dausende vun anere Kanner, an där Situatioun liewen, datt et mengt, eis missen dankbar ze sinn? Sinn dat net Erwaardungen, déi mir als „Bienfaiteurs“ wéi mir sou gäre genannt ginn, alt och mol hunn. ?

Genausou wéi eis Kanner mengen, an Afrika wieren se all „ganz arem drunn“ an op eis Hëllef ugewisen... Eigentlech ass dobäi dach den afrikanesche Kontinent „dee räichste Kontinent“ iwberhaapt!

Mat all hiere Ressourcen, Gold, Diamanten, Coltan, Asbest etc ass et kloer, datt mir op dësse Kontinent ugewise sinn, fir eise Liewensstandard ze erhaalen, oder ze erhéigen. Eis Responsabilitéit ass enorm, och wa mir eis dars ongär bewosst ginn, an datt dëst Kand mir dësse „Mercisziedel“ an de Grapp gedréckt huet, huet mäi schlecht Gewëssen alt rëm waachgerësselt.

Living is easy with eyes closed. – John Lennon

„Nos bienfaiteurs“ ass eng Bezeechnung, déi mir bei eise Visiten ëmmer erem ze héiere kréien. Mir wieren eis dogéngt a wënschen eis, datt mir als „Partner“, eebenbürteg a gläichberechtegt betruecht ginn. Dohier ware mir dëst Joer beim Abschiedspatt mat den Enseignant’en vun Nyundo, der Direktrice an dem Inspekter vum Secteur immens frou, wéi d’Enseignanten an hiere Rieden eis bewosst an houfreg: „Nos partenaires“ genannt hunn. Et ass eng dynamesch Equipp, si hu vun hierem Stolz an hierer Freed erzielt, an enger Schoul duerfen z’enseignéieren, déi elo als eng „gudd“ Schoul ugesi gët, säit hier Kllassesäll renovéiert, resp. bäigebaut goufen.

Ech kruut dun dëst rwandanescht Sprechwuert mat op de Wee:

Ifuni ibagara ubucuti ni akarenge

(la houe qui sarcle l'amitié, ce sont les petits pieds)

Dëst heescht esouvill wéi : « Le meilleur moyen de cultiver l'amitié, c'est de se rendre visite »

Et ass duerch d'Reesen, wou mir eis Horizonter erweideren an och emol an engem aanere sénge Schong en Deel vum Wee kënne goen...

an dës Reesen déi mir an de Rwanda maachen, si net nemme wichteg, fir eis Projeten z'evaluieren, mee och op engem perséinleche Plang, si erméiglechen eis, eis Virurteeler ofzeleeën, an eist Matgefill ze erweideren.

«Traveling breads empathy and tolerance» (Rich Roll)

Eng Frëndschaft ass eppes Lieweges a Fragiles, seet dëst Sprechwuert, et muss een se fleegen wéi d'Pflanzen um Feld.

Eng Woch am Rwanda op der Plätz ass intensiv an unstrengend, an awer vill ze kuerz... Et ass awer dëst Joer duerchgaangen, fir e puermol de Spuet ze schwengen an e puer dausend kleng Schrëtt ze maachen, fir eis Frëndschaften wuessen ze dinn.